adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
09 DEC. 2015
1622

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Dezember 2015

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister weiderzeleeden.

Am Kader vun der Bedrohung duerch den Terrorismus, huet d'Regierung an der Chamber e Gesetzesprojet hannerluecht deen eise Sécherheetsorganer eng Réi nei Moossnamen zur Verfügung stellt fir d'Sécherheetslag ze verbesseren.

Nieft dëse juristesche Mesuren ass et awer och wichteg, datt ons Sécherheetsorganer iwwert dat néidegt Personal verfüge fir hir Missioune kënnen ze erfëllen. An dësem Dossier spillt de Service de Renseignement (SREL) eng ganz wichteg Roll.

Dowéinst wéilt ech dem Här Premierminister dës Froe stellen:

1. *Wéi héich ass den autoriséierten Effektiv vum SREL haut?*
2. *Et ass virgesinn, iwwert de Gesetzprojet 6675 den Effektiv op 75 Beamten erop ze sëtzen. Geet dës Zuel, bei dem aktuellem Wëssensstand vun der Bedrohung, nach duer oder ass d'Regierung bereet, dës Zuel erop ze sëtzen?*
3. *Wéi ass d'Verhältnis tëschent dem autoriséierten an dem reellen Effektiv?*
4. *A wéi engem Zäitraum gi Beamten agestallt, fir den neien Effektiv opzefëllen?*
5. *Huet de SREL genuch Beamten, déi der arabescher Sprooch mächteg sinn, fir besonnesch op d'Geforen aus der radikaler islamistescher Zeen ze reagéieren? Wa neen, kann de SREL a kierzten Delaien an onbürokratesch op déi néideg Expertise op anere Plazen zeréck gräifen? Si fir dee Fall kuerzfristeg Rekrutementer virgesinn?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten

Äntwert vum Premier- a Statsminister
op d 'parlamentaresch Ufro N° 1622
vum 9. Dezember 2015 vum Här Fernand KARTHEISER.

Den Députéierte stellt verschidde Froen iwwert d'Effektiver vum Geheimdéngscht am Zesummenhank mat der terroristescherBedrohung.

Ad 1

Den Artikel 10 Punkt 3 vum Gesetz vum 15. Juni 2004 iwwert d'Organisatioun vum Geheimdéngscht geseit e maximalen Effektif vu 60 Leit vir.

Ad 2

Dës Augmentatioun vun 25% vum Effektif, déi dat neit Gesetz virgeseit, geet duer fir d'Aufgabe vum Geheimdéngscht och an Zukunft ze bewältegen.

Ad 3

De Geheimdéngscht beschäftegt 60 Leit.

Ad 4

Nei Rekrutementer kënne geschéien nom Akraafttriede vum neie Gesetz.

Ad 5

De Geheimdéngscht huet genuch Ressourcen, déi d'arabesch Sprooch beherrschen.